***Alle Jahre wieder*: Wéi Dir jo all wësst fueren mir bei de Scouten nëtt nom Kalennerjoer, mais nom Scoutsjoer, dat sëch um Schouljoer orientéiert. Mein Apercu z'Joert op der Generalversammlung hat mat der Summervakanz 2019 opgehal. Duerfir wëll ëch Iech elo hei, an der nämlechter Logik, en Iwerbléck ginn, iwert d'Aktivitéiten vun eisem Grupp am Scoutsjoer 2019/2020.**

## <u>D'Scouts-Joer 2019/2020 bei de Scouten St. Martin Duelem</u>

- Daat neit Scoutsjoer goung un mat enger neier Formule déi de Verband senge Memberen proposéiert huet, fir der sénkender Bedeelegung um alljährleche Cheffdag Eppes entgéintzesetzen. Esou war dest Joer **Samsdes den 21.09.2019** de **Kanudaag** am Mariendall organiséiert ginn. Dest ass, zanter e puer Joer deen Daag, deen bei den LGS der Fortbildung an dem Recyclage vun den ernannte Cheffen gëllt. All benevol Cheffen mussen, fir d'Ernennung vum Verband ze behalen, all 3 Joer eng gewëssen Zuel vun Formatiounen matgemacht hun. De Kanudag ass eng Offer vum Verband, fir dass déi aktiv Cheffen, sech hei an engem ganzen Daag, a Punkto Formatioun an d'Reih kënne bréngen. Eng 5 Cheffen aus eise Reihen waren also duerfir moies fréih an de Mariendall gefuer, fir hire Recyclage ze maachen. De Calcul war, d'Cheffen déi um Kanudag présent waren, mat Iwernuechtungsméiglechkeet an engem Konzert, derzou ze animéieren, direkt do ze bleiwen an den nächsten Daag de Cheffdag vun den LGS matzereliewen.
- Mir hun et viirgezunn den nächsten Daag **Sondes den 22.09.2019** mat aneren Leit en neien Ulaaf ze huelen, a gudd ausgeschlof de **Cheffdaag** ze erliewen. Mais och dest Joer waar déi einhelleg Meenung, datt de Cheffdaag vill Zeit kascht huet, fir dem eenzelnen nett vill Neies un d'Hand ze gin.
- Mir haten awer nett vill Zeit dobei stoen ze bleiwen, well schon fir de Samsdeg drop, den 28te Septembre 2019 hate mir eisen jährleche **Schnupperdaag** ugekënnegt. An daat huet mussten organiséiert ginn. Desen , fir d'Bestoen vun eisem Grupp esou wichtegen Moment vun Wuessen an Erneierung, huet och dest Joer nees ganz vill nei Kanner an eis ënnescht Branchen geféiert. Mat allen Neizougäng war d'Zuel vun eisen, beim Verband gemelldten Memberen vun eisem Grupp, op en neien Héichstand vun 150 Leit geklomm. Domat sinn mir eng vun de gréissten Truppen am Land, waat d'Memberszuelen ugeet.
- Fir Freides den **4ten Oktober** hate mir eis Memberen am Nomëtteg op eng historesch Manifestatioun invitéiert. Zesummen mat ganz ville Scouten aus dem ganze Land a vun alle Verbänn ware mir an der Stadt op der Kinekswiss versammelt, fir do an enger bonter Zeremonie, am SchloReen an a Präsenz vu ganz vill Prominenz aus Gesellschaft a Politik, dobei ze sinn, wéi eisen Ierfgroussherzog de Prënz Guillaume feierlech sein Scoutsverspriechen ofgeluecht huet, fir domat

d'Rélève vu sengem verstuerwene Grousspapp dem Grousherzog Jean als **Cheffscout vu Lëtzebuerg** unzetrieden.

- Sondes den 13ten Oktober 2019 ware mir an Uniform a mam Fändel bei Cortège a Mass fir den nationale **Komemoratiounsdag 2019** zu Duelem dobei.
- Fir Mëttwochs de 16ten Oktober hat eise Verband all Cheffen op den alljährlechen **LGS-Kongress** geruff, deen dest Joer zu Zolver ofgehalen gouf. Hei war de Steve mat enger Handvoll Cheffen aus eisem Grupp dobei, fir dësen drëschen Pflichtexercice ze absolvéieren. Wann daat schon an normale Joer de Charme vun enger grousser Generalversammlung mat vill finanziellen Reck an Ausblécker huet, sou war et dest Joer richteg peinlech wéint dem Streit an der Carapioséquipe ronderem den dunn nach amtéierenden Carapioscommissär, deen trotz groussem Désaccord an eigentlech kloere Verhältnisser, sei Posten einfach nett raumen wollt, an eng ganz Audience a Geiselhaft geholt huet, fir mussen déi abstrus Erklärungen an Rechtfertigungen nozelauschteren, wou eigentlech alles kloer war.
- Samsdes den 19ten Oktober, war **Montée vun de Biber bei d'Wëllef**. Eng rieseg Promotioun vun 11 konfirméierte Biber musst sech matt allerhand Epreuven hire Wee an déi héiger Branche sichen. Um Enn haten se awer alleguer den neien , giele Foullard a waren bei de Wëllef ukomm.
- Vu Freides dem 8ten op Samsdes dem 9ten November waren eis **Avex** zu Mamer am riesegen FNEL-Home fir hire **MontéesWE ënnert dem Thema „ Escape-room" ze erliewen**. No e puer méih moere Joeren waat d'Zuel vun de Kanner ugeet, waren sie spéitstens no dësem flotte WE nees op enger respektabler Zuel vun 20 Scouten ukomm. Domat waren nees flott Nuetsspiller a richtege Patrullesystem méiglech.
- Gleich den Daag drop, waren sie zur Zeit nees zu Duelem, fir eisen nächste gréisseren Asatz. Turnusgeméiss, all 2. Joer, wollte mir dest Joer nees eisen Patréiner, den hellege Martin vun Tours méih grouss fir **Mäertensdag** feieren. Esou hate mir fir dëse Samsdeg den 9ten November eis Memberen a Frënn, an all Leit aus eiser Paar St Nicolas op Duelem invitéiert, fir mat eis den hellege Mäerten ze feieren. Daat goung un, mat enger Mass, déi mir Scouten och musikalesch gestaltet hun, an bei der 2 vun eise Wellefcher eis mat engem Bildviirtrag, an a passender Verkleedung, dem Martin sein Geste vum Manteldeelen viirgestallt hun. Als eisen Geste vun Deelen war eng Kollekte ugekënnegt, fir eisem Abbé Jey sein Weesenhaus an Indien. Dëss Kollekte gouf erweidert duerch en Don vun de Scouten aus de Kees vu 500 € esou dass um Enn 2.031,58 € un d'AMU iwerwise goufen fir an Indien transferéiert ze gin. No der Mass goung et dobaussen weider mat engem Lanterekortège duerch Duelem, deen vu Police, Pompj'éen a Scouten ofgesëchert, a vun eiser Duelmer Musek musikalesch begleed, eng grouss Zuel u Leit a vill Kanner duerch Duelem geféiert huet, begleed vun eisen 2 Wëllefcher als Mäerten an Heeschemann op 2 schéine weisse Päerd. De Kortège huet sech um Enn op der Scoutswiss opgeléist, wou mir all Mënsch deen matkomm war, op e gudde Patt an e klenge Maufel bei d'Mäertensfeier invitéiert hun. Als Menu hat sech de Steve a seng Helfer dëst Joer, wou sech eise Fokus op Indien geriicht hat, och en indesche Kascht a Form vun engem Curry mat

Reis ausgeduecht. An daat ass allgemeng gudd ugehollt ginn, an esou konnte mir, eng gemittlech Zeit mat eise Gäscht beim Feier verbréngen.

- Vum 16ten op de 17ten November haten eis **RaRo hiren MontéesWE 2019**. Zwar haten sie keng Monteeskandidat fir nei an hir Branche ze kommen, mais esou hun sech déi al Huesen mat Klammen, Geocaching a Pakalu, selwer eng schéin Zeit gemacht. Geschloff ass dobei zu Duelem ginn.
- Iwerhaapt hun sech eis **RaRo** als grouss Liewenskünstler erwisen. An enger Reih Versammlungen hu sie gekacht resp. gebaak. D'Julia an d Carole haten dobei hir Frënn verwinnt an enger Art Kopie vun „Das perfekte Dinner". Motto heivun war zwar „ **bad taste**". Awer daat schéngt nëmmen eng Tarnung gewiecht ze sinn, fir keng weider Kaschtgänger opmierksam ze maachen.
- An dunn ware mir schon esou gudd ewéi am Advent, an wien seet Advent, seet **Adventskränz**. Och dest Joer wollte mir nees dess Traditioun fortsetzen. An no entspriechender publizitärer Viirbereedung, soutze mir Donnegdes den 28ten November mat enger Amicales a CheffenEquippe, verstäerkt duerch eis Carapio, am Home fir eng éischt Ronn u Kräntz ze maachen, déi schon fir Freides musste geliwwert gin. A vu dass mir dest Joer déi 1te Kéier am viraus quasi Alles verkaaft haten, waat u Kränz viirgesi war, hun mir nach 2 mol eng Reih Dännereefer nokaaft, fir nach flexibel kënnen op Nachzuegler ze reagéieren. Samsdes den 30te November ass schlieslech mat villen Hänn och vun eise Kanner, geschafft ginn, fir all eis Commanden fäerdeg ze maachen, an bis Owends war alles verkaaft an ausgeféiert, an déi 2019 er Editioun vum der Adventskranzaktioun, dank dem Isabelle senger viller Viirarbecht, zu eiser Zefriddenheet gelaaf.
- Mais fir eis op eiser Zefriddenheet auszerouen daat gouf naischt. Well fir den nächsten Daag, Sondes dem 1ten Dezember dem 1ten Advent, haten sech e puer Frënn aus eise Reihen nees RV ginn, fir e langjähregen Engagement anzehalen, a mat enger klenger BA zesummen bei der **Porte ouverte beim Buttek Mosaik**, e klenge Beitrag zu deem grousse Ganzen ze leeschten. Duerfir hu sech dee muergen de Steve, d'José, d'Deborah, d'Shirin, den Alexandre an de Carlo zu Fëlschdreff am Zelt installéiert, fir mat frësche Käsespäetzle géint den Honger an der Welt unzekämpfen. Méih e passenden Ufank vun der Adventszeit kann ech mir kaum denken, a Verbonnenheet mat gudde Frënn un enger grousser gudder Saach matzeschaffen fir aneren ze hëllefen, daat passt dach ideal an d'Viirbereedung op d'Fest vun der Léift.
- De 6ten Dezember 2019 hun eis **Carapio** vun sech schwäetze gedon. Traditionnel gouf och dëst Joer rem e **Keelentournoi** vun der Regionalekipp organiséiert. 100 CaraPio a Chef haten sech dofir zu Péiteng am Nationalen Keelenzenter getraf. Nodeems 3289 Keelen gefall waren goung den Gewennerpokal op Duelem. Op eischter Plaz waren CaraPio vun Duelem gefollegt vun Leideleng an op 3ter Plaz Cents. All Respekt fir dëss Leeschtung !
- Samsdes de 7. an den 14ten Dezember2019 haten dunn eis **Biber** an eis **Wëllef** eng grouss **Baakaktioun** am Home gestart. Traditionnel wëllen mir jo beim Friddensliichtverdeelen a no der Krëschtmetten op helleg Owend, de Leit e puer **Krëschtdagskichelcher** offeréieren. Déi wëllen awer fir d'éischt emol gebak sinn. An hei wollten eis Biber a Wëllef matschaffen.

- Mëttwochs den 18ten Dezember 2019 haten sech **Albatrossen** mol nees opgeraaft fir eng gemeinsam Aktioun. Zesummen si Sie no der Arbecht op **Tréier op de Krëschtmaart** gefuer, fir hei, op engem vun de schéinste Krëschtmärt an Daitschland, e puer flotter Stonnen a festlechem Dekor a mat schneekege Spezialitéiten ze verbréngen.
- Samsdegs den 21ten Dezember sinn Owends eng Reih Avex mat op Iechternach gefuer. Hei hat d' EAS e Mëtteg ronderem d'Friddensliicht offeréiert, ähnlech deem vun 2018. Mir sinn awer nëmmen fir owends komm, fir déi eigentlech **Verdeelungsfeier** an der aler Kiirch vis-à-vis vun der Basilika matzeerliewen, an dobei **d'Friddensliicht** fir eisen Duelemer Grupp ze empfänken. Bei iwerraschend ville Familljen mat klenge Kanner aus Scoutskreesser, war déi Feier awer nees eng ziemlech dënn Britt, déi eis eigentlech onbefriddegt gelooss huet. Mais elo hate mir d'Flaam, a mir konnten esou weidermachen wéi mir et fir Richteg fonnt hun.
- An daat goung elo ganz féx. Fir den nächsten Daag Sondes den 22ten Dezember hate mir all eis Memberen invitéiert op eng **Krëschtfeier** ronderem d'Liicht vu Betlehem. Eng Reih Scouten hu sech duerfir zu Altwies um Kaaschtel an der Kapell getraff, fir no enger gesanglecher a meditativer Viirbereedung, mam Friddensliicht a ville Lanteren an der Kreschtkand-figur aus der Duelemer Krëpp a Richtung Duelem opzebriechen. Vun do koumen eis déi méih kleng Scouten mat Hirdefiguren och vun der Duelemer Krëpp entgéint, fir esou symbolesch de Jesus, d'Liicht vun der Welt ze begréissen an am Kortège op Duelem an d'Kiirch ze begleeden. Do hu mir zesummen mat eise Frënn aus der Amicale eng heemlech Krëschtveillée erlieft mat Gesang an interaktivem Gedankenaustausch op der Sich nom Sënn vum Krëschtdagsfest. Anschliessend gounge mir all erof an den Home, vu mir eis géigenseiteg e klenge Cadeau geschenkt hun, fir duerch dee Geste eis Verbonnenheet an d'Freed iwert d'Gebuert vum Erléiser auszedrécken an ze verstärken. An dunn gouf et nach, zum krönenden Ofschloss, eng gudd Weinzossis mat Nuddelen déi d'Monique an de Steve eis nees meeschterlech viirbereed haten.
- An schon war **helleg Owend**. Vill Arbecht louch virun eis, wéi mir eis nomëttes am Home mat ville Kanner a Jonken getraff hun. A 4 Equippen si mir nees an eisen Dierfer ausgeschwärmt, fir d'Noorícht vun Hoffnung a vu Freed iwert de Retter vun de Mënschen, a Form vun enger Käerz mam **Friddensliicht** vu Betlehem, engem Paak Kreschdagskichelcher, déi d'Kanner an der Adventszeit gebaak haten, an engem Begleitbréif mat eise bäschte Wënsch fir Krëschtdag an zum neie Joer, bei al, krank oder soss rezeptiv Mënschen ze bréngen, an sie iwert dee Wee vun der gemeinsamer Flaam, op helleg Owend mat Millioune Leit op der ganzer Welt, an och mat eis ze verbannen. Knapps zeréck zu Duelem, hu mir eis geflass, fir virun der Kiirch eis Zelt an Dëscher opzeriichten, fir no der Metten de Leit eng Käerz mam Friddensliicht ze schenken, an sie mat engem Glas Glühwein oder Kannerpunch, an e wéineg Kreschtdagsgebäck ze animéieren nach e kuerze Moment an der Freed u Kreschtdag zesummen a mat eis ze verbréngen. Eréischt nodeems eist Material nees gudd am Home verstaut war, konnten déi Läscht vun eis, mat vill Freed am Häerz heemfueren, fir do mat hirer Famill och Kreschtdag ze feieren.

- Fir Dënschdes den 21te Januar 2020 hate mir eis Memberen a Frënn an eis Gemengenautoritéiten an den Home invitéiert, fir mat eiser **Generalversammlung** no baussen ze weisen waat mir am vergangene Joer am Interessie vun eise Kanner a Jugendlechen geschafft haten, a wéi sech eis Finanzen duerch déi ganz Aktiounen erduerch entwéckelt haten. Direkt no der Generalversammlung huet sech den harde Kär vun eisem Grupp nach am Home zesummengesaat, fir endlech eist zanter langem geplangtent BenefizIessen fir Indien konkret fäerdeg ze plangen. D'Annouck hat d'Sophie, eng indeschstämmeg Arbechtskollegin duerfir gewonnen, eis ze hëllefen, an dësen Input huet eis dunn richteg a Schwonk bruecht.
- Vum 04te Februar bis 3ten Mäerz 2020 hun eis **Avex**, ënnert der kompetenter Régie vum Christopher Schuh a vum Jérôme Gloden vum CGDIS, en **1. Hëllefcours** gemacht, deen den 3te März mat enger Visite vum CSU 112 zu Lëtzebuerg, also der Centrale de secours d'urgence ofgeschloss ginn ass.
- Samsdes den 8te Februar 2020 war am Home nees eng weider lass. Eng **gemeinsam Fuesparty vu Biber a Wëllef**, huet eiser Maus am Home e puer onroueger Stonnen bereed, an eise Kanner vill Freed gemaacht.
- De selwechten Daag owends ware mir mat enger klenger Delegatioun vu Scouten a Cheffen zu Waldbredimus beim **Taizégebied** derbei, daat als Optakt vum Bietdag 2020 an eiser Poor ofgehalen gouf.
- Freides den 21te Februar haten eis Albatrosssen sech am Home RV gin, fir de **Wantergrilling** 2020. Et war fir d'éischt zanter langem datt mir esou een Owend zustaan bruecht hun, a keen hätt geduecht, datt et fir laang Zeit och eise läschten Treff sollt sinn. Mir hun e ganz flotten Owend verbruecht, deen nëmmen gestéiert gouf vun enger Maus, déi mat eis wollt feieren.
- Fir de 25te Februar hat eise gudde Frënd a Gruppechef de Steve eng Partie Leit op Lentgen invitéiert, fir bei engem gudde Maufel eenzel nei Iddien fir eis kommend **Scoutskirmes** ze diskutéieren. Och hei ware mir nach voller Optimismus trotz beonruegenden Nouvellen aus allen Deeler vun der Welt.
- Sondes den 8te Mäerz 2020 war endlech de groussen Daag un deem mir zanter läschtem Summer geplangt haten. Eis Invitatioun op en **BenefizIessen fir Indien** mat engem groussen authentesch Indesche Menu, war op ganz vill Resonanz gestouss, a sou haten mir all Dëscher an eis 58 Plaatzen besaat. Mat ville fleissegen Hänn, ënnert der Leedung vum Steve a sengem Monique, hu mir eis Gäscht zur allgemenger Zefriddenheet versuergt, an hinnen mam Abbé Jey e klengen Aperçu ginn, firwaat déi Suen an Indien gebraucht ginn. Fir 20:00 haten och mir giess, an alles gespullt, geraumt a fortbruecht, an den Centre zu Fëlschdreff war nees propper. Mir ware midd, awer all ënnerlech déck frouh an zefridden, erfëllt mat enger Genugtuung, déi aus dem Gefill erwiisst, mat gudde Frënn, en ongewëssen Asatz gewoot ze hunn, an zesummen daat Richtegt gemaacht ze hun. Als Resultat vun eisem gemeinsamen Effort, bei deem d'Scoutskees d'Iesswueren an d'Gedrénks gestëfft hat, konnten 3.500€ un d'AMU iwerwisen ginn fir dem Abbé Jey seng Projeten ze ënnerstëtzen.
- A wou mir schon emol a Saachen Kachen an Iessen lancéiert waren, hu mir direkt 2 Deeg duerno domat weidergemacht. Fir Dënschdes den 11te Mäerz 2020 hate

mir all Member an den Home invitéiert, fir mat engem gudde Maufel an engem, oder e puer Pätt, den **27te Gebuertsdag** vun eisem Scoutsgrupp ze feiern. Déi bal 70 Leit, déi do zesumme waren, hätten sech och nett dreeme kënnen, datt et fir laang Zeit déi läschten Feier ënnert der Form sollt sinn….

- Well dun koum **CORONA**… An ab dem 16te Mäerz stoung zu Letzebuerg daat ganzt öffentlecht Liewen stëll.
- Vum Scoutsverband koum dunn d'Propose, datt d'Scouten sech sollten abréngen, fir ze hëllen **eeler Leit ze ravitailléieren**. Direkt ass eise Carapiocheff de Yanik Leclerc op déi Iddie opgesprongen, an huet mat 3 vun eise gréissere Scouten, esou een Service och fir d'Leit aus der Gemeng Duelem organiséiert. Fir eng Reih Wochen sinn sie fir eeler Leit akafen gefuer, an hun hinnen dann d'Wueren heem op d'viischt Diir geliwwert.
- Samsdes de 4ten Abrëll a Pällemsondeg de 5ten Abrëll, sinn dunn och nach eng Reih Scouten an eisen 3 Dierfer um Tour gewiercht, fir a villen Haiser e geseentenen **frësche Pällemstrauss**, e puer Ouschtereer an e klenge Message vun Hoffnung mat Bléck op Ouschteren ze verdeelen. Dese Pällem haat eisen Abbé Jey moies a senger Mass, am Respekt vun allen Sanitären Schutzmoossnahmen geseent, a grad esou viirsichteg hu mir en dun an eiser Gemeng verdeelt. Vill positiv Reaktiounen hun eis gewisen, datt vill Leit op en Zeechen vun Hoffnung an Normalitéit gewaart hun.
- Du koum emol eng laang Zeit, an der d'sanitär Regelen vum Cofinement an der 1ter Coronawelle, all eis gewinnten Aktivitéiten onméiglech gemacht hun. Esouguer eis Scoutskirmes, déi op Christihimmelfahrt den 21ten Mee geplangt war, huet missten ofgesoot gin.
- Fir en Zeechen vun Hoffnung ze setzen, a géinst de Frust wéinst der geplatzter Scoutskirmes unzekämpfen, hu mir eis Freides den 22te Mee, deen Moment, wou mir traditiounsgeméiss an irgendengem Restaurant den Erfolleg vun eiser Kirmes gefeiert hätten, zu Duelem beim Home RV gin. 17 Frënn aus Chieféquippe an Amicale, hu sech dobaussen , am néidegen Ofstand zesummengesaat, fir bei engem **gudde Maufel vum Grill, engem gudde Patt a flotte Gespréicher**, emol nees e Moment Gebuergenheet am Grupp, an also e Stéck Normalitéit ze erliewen.
- Trotz Versammlungsverbued an dëser Zeit, sinn eis Biber awer nett ganz ontäteg bliwwen. Vum Verband hier war eng **Moolaktioun** lancéiert ginn, fir dem **Prënz Charles** eng Wellkomskart ze erstellen. Hei hun Gruppen aus dem ganzen Land kennen Biller un den Verband schécken an déi hun dann doraus eng rieseg Kart gemacht, déi un den Haff iwerreecht gouf. Kloer dass déi Duelemer Biber hei hiren Pefferkär beigeluecht hun.
- Eng aner léif Traditioun vu Gesellegkeet konnte mir awer och nach retten. De **läschte Grupperot** virun der Summervakanz gouf den 8te Juli ofgehalen, zwar am Respekt vun de Gestes Barrières, awer ëmmerhin. An duerno gouf dem Steve sein Gebuertsdag mat Grill a Patt gebührend gefeiert.
- War an de läschte Meewochen Hoffnung opgekeimt, datt d'Aventure Camino de Santiago Ufank August kéint eng weider Fortsetzung fannen, gouf et ab Mett Juli awer daitlech datt d'Covidsituatioun a Spuenien, eis et géif onméiglech maachen, raisonnabel un deem Plang festzehalen. Fir eng gemeinsam Decisioun ze fannen,

haten sech déi implizéiert Wanderfrënn Denschdes den 21te Juli owends zu engem **Videotreff** RV ginn. Hei koum déi rettend Iddie vum Monique, daat eis viirgeschlo'en huet, déi geplangten 6 Deeg nett a Spuenien ze goen, mais getrei dem mot d'odre „ bleif doheem" an der Zeit de letzebuerger Deel vum Camino ze maachen. Grouss war bei allen d'Freed, dass mir awer eng gemeinsam Aventure géifen erliewe kënnen.

- Leider hun **Biber a Wëllef** Coronabedéngt hiren Summercamp missten oofsoen. Als kleng Kompensatioun hun sie zesummen den 18.07.2020 eng **Oofschloss Party** op der Scouts-Wiss gemach.
- Nodeems an dësem Fréijoer a Summer, esou Villes en Affer vu Corona gin war, huet de Verband kurz virum Ufank vun der Summervakanz signaléiert, datt ënnert der Konditioun datt de Responsablen eng speziell Formatioun zum Thema Camp'en ofhalen trotz Covid-19, matgemacht huet, an ennert dem Respekt vu verschiddenen sanitären Spillregelen, d'Ôfhalen vu Scoutscamp'en nees zougelooss géif ginn. Dunn huet eis Avex-Cheffécquippe den Eiergeiz gepaakt. De Stan huet sech déi Formatioun op d'Long gezunn, an dunn huet d'Cheffécquippe hir maskéiert Käepp zesummen gestreckt fir a Rekordtempo awer nach en kompletten Avex-Summercamp ze plangen. Esou hu sech eis Avex vum 22ten op den 29te Juli bei der Stadt beim Chalet vun der FNEL-Trupp „ les aigles" , fir hiren **AvexSummercamp „Campona"** niddergelooss. E komplette Camp am Zelt mat Hike, Veillé'en Olympiad a romatescher Verspriechensfeier spéit nuets zu Esch- Sauer an der Burg huet alles gebueden, waat e Scoutshäerz begiert, an huet eise Kanner emol nees e Gefill vun Normalitéit a Gebuergenheet am Grupp vermëttelt.
- Nodeems d'Monique eis eng super Campplatz zu Dillingen direkt nieft der Sauer als Basiscamp organiséiert hat, hu mir eis Samsdes den 1ten August moies zu beim Home RV ginn, fir vun do aus eis **dessjähreg Camino-Wanderung** unzetrieden. Eisen Abbé Jey hat nees drop gehalen, eis mat engem Gebied a Gottes Segen ze verabschieden, an duerno hu mir eis, bei zeiteweis tropeschen Temperaturen bis 36 Grad, op de Wee gemacht. Dese Wee huet eis a 5 an hallew Deeg 187 km iwert de lëtzebuerger Camino geféiert, an eis dobei Ecken vu Letzebuerg gewisen, déi die meescht vun eis nach nie gesinn haten. A Samsdes den 8ten August owends, konnte mir dun nach beim Lisi an Tom am Gaart den Succès vun eiser Aventure mat engem gemittleche Grillowend feieren.
- Mat dëser Feier, war de Schlussakt gelaaf, vun engem komeschen Scoutsjoer, daat, wéi ëmmer, ganz staark ugefang hat, an während deem mir op eng Art a Weis ausgebremst goufen, wéi keen sech et hätt kënnen a wëllen virstellen. Elo housch et de Räscht vum Summer genéissen an ofwaarden, ob, a wéi et am Hierscht géif weidergoen.